PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 15/11/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Landwirtschaft & Wirtschaft weiderzeleeden.

D'Lounge am Lëtzebuerger Pavillon op der Weltausstellung zu Dubai bitt niewent enger Selektioun u Lëtzebuerger Wäiner a Crémant och eng ganz Rëtsch Wäiner a Crémant aus anere Länner un.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Firwat ginn net nëmme Lëtzebuerger Produiten am Lëtzebuerger Pavillon verkaaft?
2. Fënnt de Minister, dass et net genuch Lëtzebuerger Produite ginn, déi een de Visiteure kéint ubidden ?
3. Wat fir Quantitéiten u Lëtzebuerger Wäiner a Crémant goufe fir de Pavillon akaaft?
   Wat fir Quantiéiten un auslännesche Produiten goufe fir de Pavillon akaaft?
4. Bei wéi engem Fournisseur goufen dës auslännesch Produiten akaaft?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Député